N°752
Entrée le 17.05.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 17.05.2024
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, de 16. Mee 2024

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit an den Här Inneminister weiderzeleeden:

*„Duerch déi klimatesch Verännerungen aus de leschte Joren huet d'Zuel vun de Bëschbränn zougeholl. Besonnesch am séier dréchene Joer 2018 koum et am Éislek zu verschiddene Bränn a Bëscher. Och wann et dee leschte Summer an dësem Beräich zimmlech roueg war, muss een dach awer fäerten, datt sech dës Problematik am Kader vun der Klimakris an Zukunft verstäerke wäert.*

*An deem Kader wollte mir dem Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit an dem Här Inneminister follgend Froe stellen:*

1. *Wéi huet sech d'Zuel vun de Bëschbränn an de leschten 10 Joer entwéckelt?*
2. *Wat fir Plazen a Géigende vum Land waren am meeschte betraff?*
3. *Wéi dacks huet de CGDIS missen an den Asaz fir dës Bränn nees ënner Kontroll ze kréien? A wéi ville Fäll ware mënschleche Feeler Schold un dëse Bränn?*
4. *Wat fir präventiv Moossnamen si mëttlerweil geholl gi fir de grousse Public méi an d'Flicht ze huelen a fir dës Problematik ze sensibiliséieren?"*

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

Luc EMERING
Deputéierten

N°752
Entrée le 25.06.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, a vum Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit, Serge Wilmes, op d'parlamentaresch Fro n° 752 vun den honorabelen Deputéierten André Bauler a Luc Emering zum Sujet « Feux de forêts »**

**Fro 1**

Well et zu Lëtzebuerg, am Géigesaz zum Ausland, keng aussergewéinlech grouss zesummenhängend Bëscher ginn, ass de Risiko fir Bëschbränn éischter geréng. De gréisste Risiko hei zu Lëtzebuerg läit virun allem bei Vegetatiounsbränn. D'Asazzuelen am Tableau hei ënnen drënner confirméieren dëse Fait.

D'Asazzuelen, déi de CGDIS säit senger Grënnung am Joer 2018 erhieft, si net mat deene vu virun 2018 vergläichbar. Den Tableau hei drënner retracéiert déi vun den Deputéierte gefroten Zuelen dofir just fir déi lescht 6 Joer.

| | 2018 | 2019 | 2020 | 2021 | 2022 | 2023 |
|---|---|---|---|---|---|---|
| Vegetatiounsbränn | 20 | 72 | 89 | 46 | 179 | 91 |
| Bëschbränn | 3 | 6 | 15 | 4 | 17 | 7 |
| **Total** | **23** | **78** | **104** | **50** | **196** | **98** |

**Fro 2**

Wéi am Plan national d'organisation des secours (PNOS)[1] beschriwwen, trieden dës Bränn queesch duerch d'Land relativ gläichméisseg op, et gëtt keng Regioun déi hei erausstécht. D'Analyse aus dem PNOS gouf rezent vum CGDIS duerch eng intern Risikoanalyse confirméiert. De Risiko vu Vegetatiouns- a Bëschbränn existéiert hei zu Lëtzebuerg am Fong iwwerall, wann en och moderat ass. De gréisste Risiko besteet zu Lëtzebuerg virun allem bei Vegetatiounsbränn op Felder déi an der Proximitéit vu baulechen Infrastrukture leien.

**Fro 3**

D'Unzuel vun den Interventioune si bei der Äntwert op déi éischt Fro opgeléscht. D'Ermëttlung vun enger Brandursaach läit net an der Kompetenz vum CGDIS mee vun der Police.

**Fro 4**

Zënter 2023 beschäftegt sech en interministeriellen Aarbechtsgrupp, deen den Inneministère am Kader vun der nationaler Plattform zur Reduktioun vun Katastropherisiken an d'Liewe geruff huet, mat der Thematik vu Vegetatiouns- a Bëschbränn, dëst mam Zil, gemeinsam Moossnamen auszeschaffen an d'Ëffentlechkeet reegelméisseg op d'Gefore vu Vegetatiouns- a Bëschbränn opmierksam ze maachen.

E puer weider Beispiller:

1. Sensibiliséierungscampagne fir de Public
2. Presenz op ëffentlechen Evenementer, wéi der Foire agricole
3. Gemeinsam Formatiounen an Austausch tëscht de concernéierte Acteuren
4. Uschafung vun neiem Asazmaterial fir de CGDIS

[1] https://maint.gouvernement.lu/fr/dossiers/2021/PNOS.html (vun der Säit 112 un).

5. Ausbau vum nationale Reseau vun de Rettungspunkten an de Bëscher
6. Erstelle vu prezise Kaarte vun de Bëschweeër, déi fir e besseren Accès fir d'Rettungsdéngschter suergen

Eng ganz Rëtsch weider Moossname sinn an Ausaarbechtung fir d'Preventioun an d'Zesummenaarbecht vun den ëffentlechen Acteuren nach weider ze verbesseren.

Lëtzebuerg, den 25. Juni 2024
Den Inneminister
(s.) Léon Gloden